ADR – Alternativ Demokratesch Reformpartei

# Schwammunterrecht: Wann de Minister Meisch d'Sécherheet vun de Schoulkanner vergëesst

*Pressematdeelung vum 20. November 2020*

E Gesetz iwwert d'Schoul vergëesst all Dispositiounen iwwert d'Sécherheet vun de Schoulkanner. Esou krass versot huet de Gesetzprojet 7688, deen a rekordverdächteger Zäit zum Gesetz vum 29. Oktober 2020 *"portant : 1°dérogation à l'article 27 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental ; 2° modification de la loi modifiée du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire ; 3° modification de la loi modifiée du 23 juillet 2016 portant création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées"* ginn ass.

Et geet drëm, neit Ersatzpersonal fir an der Grondschoul ze rekrutéieren. Guer net berécksiichtegt gëtt an deem Text awer, datt d'Enseignante an der Grondschoul ganz spezifesch Ufuerderunge mussen erfëlle fir d'Sécherheet vun de Kanner beim Schwammsport ze garantéieren an déi an engem groussherzogleche Reglement festgehale sinn. Esou ass fir d'Remplaçante am neie Gesetz net virgesinn, datt si e Rettungsbrevet hunn. An et ass also kee méi do, dee kann op d'Kanner oppassen, wa si schwamme ginn.

De Gesetzprojet, deen einfach d'Sécherheet vun de Kanner vergëesst, ass de 26. Oktober deponéiert ginn, de 27. ass e Rapporter an der Chamber genannt ginn, den 28. war den obligatoreschen Avis vum Staatsrot do, deen an enger Kommissiounssëtzung ugeholl ginn ass, ier de nämmlechten Dag och nach d'Ofstëmmung an der Chamber war. De 29. war d'Gesetz publizéiert.

D'Resultat weist, wéi onverantwortlech de Schoulminister handelt, wann hien Texter ouni Dialog esou duerch d'Instanze beetscht. Et weist och, datt d'Prozedur an der Chamber Sënn mécht, wann et och heindsdo méi laang dauert. Den Avis vum Staatsrot eleng ass och net genuch. Grad bei dësem Text wären d'Avise vun de Schoulgewerkschafte wichteg gewiescht. Dës hätten d'Sécherheet vun de Schüler sécher net vergiess.

De Minister Claude Meisch weist hei konzentréiert déi markantst Punkte vu senger Schoulpolitik:

- kee Verantwortungsgefill fir d'Schüler soss wär hir Sécherheet net vergiess ginn;
- kee Plang, soss hätt d'Gesetz net missten iwwerstierzt ginn;
- keng Dialogbereetschaft, soss wär de graven Oubli opgefall;

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706